

Assemblée générale ordinaire du 25 février 2025

Allocution du président Steve Keipes

Dir Dammen an Dir Hären,
Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech wënschen iech e schéine gudden Owend. Ech wëll iech all perséinlech Merci soen datt Dir lech Zäit geholl hutt fir op d'Generalversammlung vun der AGC lauschteren ze kommen.

Als éischt heeschen ech den fréieren laangjäregen AGC-Präsident Fernand Muller wëllkomm, deen ëmmer Stammclient op eiser Generalversammlung ass.

Natierlech begréissen ech och eisen Comitésmember Romain Wolff an sénger Funktioun als CGFP- an CHFEP- Präsident op dëser Plaz ganz härerlech.

Eng Traditioun ass et méttlerweil och schon datt den CGFP-Generalsekretär Steve Heiliger bei eis lauschteren kënnt. Du bass ëmmer bei eis wëllkomm!

Et ass och flott datt eis Berufschamber haut mat 3 Leit ganz staark op eiser Generalversammlung vertrueden ass. Dowéinst heeschen ech iech an eisen Reien härerlech wëllkomm!

Wann ech dann weider duerch de Sall kucken, wëll ech awer déi aktuell an all déi fréier Comitésmemberen déi fir d'AGC vill schaffen respektiv geschafft hunn op dëser Plaz net vergiessen.

Ganz frou sinn ech awer och datt Vertrieder vun aneren Associatiounen denowend hei bei eis sinn. Ech giff do d'AFEE, den SUID an och den SPFP ernimmen. Merci datt der hei sidd!

Wéi dir hei ronderëm gesitt, huet d'AGC sech d'läscht Joer en neien Logo ginn. Dee Logo orientéiert sech un eisen Nationalfaarwen. E bëssen Patriotismus schued net! A well mer voller Iwwerzeegung en Deel vun der CGFP sinn, hu mer de Logo vun der CGFP och adoptéiert. Doriwwereraus ass en zackeg a pickeg. Dat wëlle mer als AGC och heiansdo sinn.

No a no wärte mer lo als éischt eisen Périodique, den Inforum, a mi spéit den Internetsite dorunner uppassen. Mat deem Logo wëlle mer méi modern ginn a méi opfalen. A genau dat ass eis Erausforderung fir d'Zukunft: méi visibel ginn. Ech sinn iwwezeegt datt vill Beamten aus dem B1 an dem A2 d'AGC net kennen. An do musse mer upaken! Den Logo ass den éischten Schratt, mä do bleift nach vill ze man. Eisen Usproch muss et sinn datt ee Beamten aus onser Zilgrupp natierlech d'CGFP kennt, awer och weess datt d'AGC him weiderhëlfe kann.

Dëst Joer sinn mol rëm Sozialwale! Vum 06. bis den 26. März wielen d'Fonctionnairen an d'Employéën beim Staat eng nei Beruffschamber. Nei ass och dat richtegt Wuert, well d'Chambre des Députés den 24. Juli 2024 ënner anerem déi nei Compositioun vun der CHFEP gestëmmt huet. D'Beruffschamber wärd an Zukunft aus 29 Vertrieeder an Stellvertrieeder bestoen déi an 10 Gruppen agedeelt sinn. An do ginn et der 2 déi fir d'AGC ganz wichteg sinn: Den Grupp 2 mat den Beamten aus dem A2 déi net am Enseignement schaffen mat 1 Mandat an den Grupp 3 deen d'Beamten aus dem B regroupéiert déi och net am Enseignement schaffen mat 4 Mandater, an net 5 wéi fréier. Well d'AGC d'Verantwortung huet fir d'Lëschten am Numm vun der CGFP fir déi 2 Gruppen opzestellen, huet den Comité sech Ufank 2024 schon domat auserneengesat. Well et Sënn ergëtt, huet de Comité och dës Kéier décidéiert fir Fonctionnairen aus aneren Associatiounen op d'Lëscht ze huelen. Wann ee bedenkt datt schlussendlech 4 vun 10 Plazen op deenen 2 Lëscht un aner Associatiounen ofgetruede goufen, ass et normal datt eise Comité sech domat schwéier gedoen huet. Mä genau wéinst där Wäitsicht an Kompromëssbereetschaft muss ech méngen Comitésmemberen e grousst Kompliment denowend maachen, well déi Lëschten absolut am Sënn vun der CGFP zesummegeat gi sinn. E Merci geet natierlech och un all d'Associatiounen, d'AGITE, d'FGEC an den SPFP fir se net z'ernimmen, fir d'Zesummenarbecht, och wann et dann mol mi zéi war, fir d'Lëschten opzestellen.

Nodeems d'Lëschten stoungen, huet ons dann um Schluss den Ministère vum ëffentlechen Déngscht an Otem gehal. Den Marco Richard vum SPFP, deen uersprüngelech en Kandidat op eiser Lëscht vum Grupp 3 war, kann eis do e Liddchen sängen. Mat engem gudde Gefill sinn ech den 06. Februar, den éischten Dag vum Dépôt, mat méngen Mandataire vum den 2 Lëschten op den Ministère gefuer. Den Dépôt war schnell gemaach, mä de Walbureau wollt d'Signataire an d'Kandidaten a Rou a net an eiser Präsenz kontrolléieren. Alles war gutt bis eng Stonn duerno den Telefon geschällt huet. Den Marco Richard, deen 2020 d'Voie expresse an den B1 gemaach huet, war an de Wielerlëschten net am Grupp 3, mä am Grupp 4 ageschriwwen. Domat war eis Lëscht vum Grupp 3 verworf. Déi Wielerlëschten hunn sech op d'Lëschten vum CGPO baséiert, déi vun de Verwaltungen selwer géréiert ginn. An net all Verwaltung schéngt déi sérieux à jour gehalten ze hunn. All Réclamatioun an suguer eng Interventioun beim Minister selwer huet näischt geännert. D'Wielerlëschten sinn net méi geännert ginn.

Dësen Ëmstand huet et net méi einfach gemaach fir lo de richtege Kandidat ze fannen. De Ramplassang vum SPFP war d'Marlène Negrini an hat huet Gott sei Dank an de richtege Grupp gepasst huet. Et war dann nach eng Formsach fir den Dépôt vun der Lëscht am Grupp 3 den 10. Februar, um läschten Dag vum Dépôt, ze bewältegen. Ech wëll hei vun der Geleeënheet profitéieren fir dem Guy Hansen an dem Lynn Luciani Merci ze soen datt si fir den absoluten Noutfall hir Kandidatur gestallt hunn.

Eent muss awer fir di nächst Sozialwalen kloer sinn: Mat sou feelerhaften Wielerlëschten kann een net méi hantéieren. Et geet net nëmmen ëm de Kandidat, mä et ass och de Wieler betraff, deen net am richtege Grupp wile kann. Déi Ausso datt een 60.000 Inscriptiounen net kontrolléiere kann, ass och schwéier z'acceptéieren, well et bei Walen ëmmer eng Zort Kontroll muss ginn. A wann et och nëmmen Stéchprouwen wäeren, ass dat nach ëmmer besser wéi guer näischt nozekucken.

Perséinlech sinn ech frou datt déi Walen nëmmen all 5 Joer stattfannen. Mat deem ganzen Kuddelmuddel hunn ech den zweetläschten a bal och dee läschten Nerv verluer!

Et gouf awer och nach ganz niewebäi en neien Accord salarial Enn Januar vun der CGFP ausgehandelt. Eng Conférence des comités, déi den 29. Januar 2025 aberuff gouf, huet deem Accord mat grousser Majoritéit gréng Luucht ginn. D'AGC huet deem Accord voll a ganz zougestëmmt, well en ausser den finanziellen Verbesserungen eng ganz Rei wichteg an intressant Mesuren virgesäit, besonnesch fir den Employé de l'État déi och absolut noutwendeg sinn. Am Numm vun der AGC soen ech dem Bureau exécutif vun der CGFP Merci fir deen villfältegen Accord salarial. Dës Kéier haten aner Associatiounen méi dra stoen. Beim läschten Gehälterofkommens ware mir et. D'AGC ass do ganz solidaresch an dat ass och gutt sou. Den Daniel wärd an séngem Rapport méi am Détail op den Accord salarial agoen. Erlaabt mer just fir nach 2 Saachen erauszepicken déi vu mir nach en Kommentar verdéngen.

Eng Fuerderung vun der AGC war d'Bäibehalen vun der Iwwergangsbestëmmung fir d'Voie expresse vum B1 an den A1, déi lo 2025 ausleeft. Datt lo am Punkt 13 vum Accord salarial fir en Beamten, deen d'Voie expresse B1-A2 gemaach huet, eng Dispens fir d'Formatioun fir den Accès an den A1 spillt, ass e schwaachen Trouscht. Et passt an d'Bild vun de läschte Joeren wou den B1 ëmmer méi säin „Standing“ verluer huet. D'Responsabilitéitsposten sinn praktesch all an den A1 oder A2 ofgewandert, deelweis ouni Grond, an dat bréngt da mat sech datt an den Direktiounen vun verschiddenen Verwaltungen d'Fro sech stellt op iwwehapt nach en PRP am B1 soll verdeelt ginn, well et keng Verantwortungsposten méi gëtt. D'AGC wärd do versichen géigenzesteieren!

An da ginn et nach 2 Arbechtsgruppen déi op de Punkten 16 an 18 ernimmt ginn. Dat ass engersäits den Arbechtsgrupp iwwert d'Verbesseren vun der Voie expresse, wou mir als AGC ganz intresséiert sinn. Do besteet vill Potenzial fir dee Mekanismus besser ze man. An aneresäits gëtt et nach en Arbechtsgrupp fir d'Ënnerscheeder tëscht den Gehältergruppen ze harmoniséieren. Dat ass e ganz geféierlechen Arbechtsgrupp, wou mir als AGC onbedéngt wëllen agebonnen sinn. Ech weess dat et ugeduecht ass fir déi Harmoniséierung fir jiddereen no uewen ze man. Mä mir hunn an der Vergaangenheet mat 2 Ministeren vum ëffentlechen Déngscht iwwert dat Thema geschwat an all Kéiers huet den Bob Gengler sech gemellt a gesot datt den B1 „ze héich läit“. D'AGC wärd et schwéier acceptéieren wann den B1 härno als Verléierer do giff stoen!

Denowend musse mer, wéi der bei der Invitatioun fir d'Generalversammlung konnt gesinn, eng gréisser Statutenännerung duerchféieren. Et ass haut di läscht Méiglechkeet fir sech un dat neit asbl-Gesetz unzepassen a well mer eis Statuten déi nächst 10-20 Joer net méi wëllen änneren, huet de Comité nach deen een oder aneren Virschlag dobäi gesat. Zu deenen wichtegsten Virschléi gehéieren d'Erhéijung vun der Mandatsdurée vum Conseil d'administration vun 3 op 4 Joer an d'Schafen vun engem Comité à la gestion journalière, deen den Bureau exécutif an där Form ersetzt. Déi Statutenännerung déi den Comité virschléit ass a méngen Aen eng gutt Basis fir d'Zukunft an ech hoffen datt dir härno är Zoustëmmung dozou gitt.

Vläit hutt der den Flyer an där grousser Enveloppe mat der Invitatioun fir d'Generalversammlung fonnt. Um Schluss vun dësem Joer, fir genau ze sinn Donneschdës, den 13. November 2025 um 18:30 Auer, feiert d'AGC hiren 50. Gebuertsdag am Cercle Cité a Form vun enger Séance académique. Dat klénge dréchen, mä no enger gudder Stonn gëtt et e Maufel an e gudde Patt. Well de Minister Serge Wilmes zougesot huet, muss een sech dann och e bëssi um Rimm rappen, mä dee wärd net allze laang bleiwen. Mir hunn och e Fotograf engagéiert, mä dee knippst nëmme fir eis a bis spéitstens 22:00 Auer, also kann een duerno anstänneg op d'Tromm schloen. Deen Event ass natierlech fir all eis Memberen geduecht. Ech giff mech freeën wann dir alleguer an nach vill méi Memberen mat dobäi sidd fir dës Veranstaltung richteg feierlech an onvergiesslech ze man. An deem Sënn huet de Comité entscheed fir e puer Gadjetën mam Cinquantaire-Logo produzéieren ze loossen. Denowend gesitt Dir datt mer schonn e Schlësselunhänger mat Flaschenöffner a Mënz fir den Akafswenchen hunn, wou Dir iech fräi kënn zervéieren. Spéider kënn dann och nach e Bick dobäi.

Fir den Cinquantenaire huet och eise Comité eppes Aussergewöhnlech wëlles. Am Mee, fir genau ze sinn vum 16. op den 19. Mee, ass eng Klausur zu Lissabon geplangt. Deen Ausfluch dréit dozou bäi fir sech nach besser kennenzelieren an doduerch besser zesummenzeschaffen. E gëtt awer och genotzt fir portugisesch Gewerkschaftskollegen ze begéinen an Kontakter ze knäppen. Well et keng Vakanz zu Laaschten vun der AGC ass, wëll ech kloer betounen datt d'Käschten vun der Rees vun den Participanten selwer gedroen ginn.

Normalerweis maachen ech um Schluss vu ménger Ried drop opmierksam datt mer nach eng Plaz am Comité fräi hunn an datt jiddereen deen Loscht an Zäit huet fir matzeschaffen wëllkomm ass. An dat ass dann och haut sou! Avis aux amateurs!

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet!